

Lëtzebuerg, den 10/07/2024

4

## Motioun

### D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- de Gesetzesprojekt n°7642 ännert verschidde Reegele betreffend der Locatioun vu Wunnengen zu Lëtzebuerg;
- den Artikel 5 vum Gesetzesprojekt gesäit vir, dass Mietkontrakter an Zukunft schrëftlech musse gemaach ginn an eng Rëtsch vun Elementer musse beinhalten, wéi zum Beispill d'Héicht vum Loyer, dem Supplément fir Miwwelen, Chargen, de Montant vun der Garantie locative, etc.
- follgend Reegel gouf, duerch eng Textproposé vun der aktueller Regierung vum 19ten Abrëll 2024 net am Text vu Gesetzesprojekt n°7642 zeréck behalen

*mention que le loyer demandé par le bailleur pour le logement loué est déterminé de façon à respecter le plafond légal du loyer annuel tel que prévu par l'article 3 ;*

an domadder gëtt keng Verpflichtung duerch de Legislature geschaf, fir am Mietkontrakt transparent festzehalen, wéi héich de Capital investi vun enger Wunneng ass an als Konsequenz kann de Locataire net iwwerpräiwen, ob säi Loyer gesetzeskonform ass;

### Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. d'legal Obligatioun ze schafen, dass de Capital investi an de Mietkontrakt dra stoe kënt.

Marc Goergen

